ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2020

Kopie: Här Gusty Graas, President vun der Kommissioun vum Ëffentlechen Déngscht

Här President,

Heimat biede mir Iech den Här Minister Marc Hansen an déi nächst Sëtzung vun der Kommissioun vum Ëffentlechen Déngscht ze invitéieren.

D'Membere vum Ëffentlechen Déngscht sinn op vill verschidde Manéieren duerch déi aktuell Corona-Kris betraff.

Vill vun hinne sinn un éischter Front engagéiert, z.B. all déi, déi an de gesondheets- a sécherheetsrelevanten Administratioune schaffen.

Vill anerer hu missen hir Manéier fir ze schaffe fundamental ëmstellen, sou zum Beispill an der Educatioun oder och an anere Secteuren a Verwaltungen wou probéiert gëtt op Teletravail ëmzestellen.

Et wär dowéinst an eisen A wichteg fir vum Här Minister eng Evaluatioun iwwert deen aktuellen Zoustand vum ëffentlechen Déngscht ze kréien.

Enner aneren, kéinten des Froen diskutéiert ginn:

Wat gëtt gemaach fir d'Gesondheetsvirsuerg am Ëffentlechen Déngscht?

Wéi eng Erfarunge si bis elo an deene verschiddene Verwaltunge mat deene neien Aarbechtsmethode gemaach ginn a wéi eng Conclusiounen zitt d'Regierung doraus?

A wéi enge Verwaltungen gëtt et Enkpäss u Personal, zum Beispill duerch Corona-bedéngte Gesondheetsproblemer oder Versetzungen op Plazen wou direkt géint déi gesondheetlech Kris gekämpft gëtt?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706

Wéi eng Retarden entstinn doduerch beim Traitement vun den Dossieren a wéi sollen déi nees opgeschafft ginn?

Hunn d'Leit Rechtsuspréch wann hinnen, duerch Retarden an de Verwaltungen, materiell Nodeeler entstinn?

Wéi eng Efforte gi vum Personal an deenen, am Hibléck op de Kampf géint de Coronavirus, am meeschten exposéierte Secteuren verlaangt, a wéi geet d'Regierung domat ëm? Wéi eng Implicatiounen huet déi aktuell Situatioun op d'Paien, d'Congéen oder Zäitspuerkonten vun deene Leit?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706